


2020

# D'EIB OP EE BLÉCK

European Investment Bank Group

Egal ob propper Energie an Estland, Drénkwaasser am Lesotho oder enger besserer Klinik a Kroatien, d'Europäesch Investitiounsbank verbessert all Joer Millioune Liewen.

Als Klimabank vun Europa hëllefe mir der Welt, d'Ziler vum Accord vu Paräis an d'Ziler vun der nohalteger Entwécklung ze erreechen. Mir verflichten eis, am nächste Jorzéngt 1 Billioun Euro Investitioune fir d'Klima opzebréngen.

Zanter 1958 hu mir Krediter a professionell Rotschléi un Dausende vu Projeten an iwwer 60 Länner zur Verfügung gestallt. Mir investéieren an d'Zukunft vun Europa andeems mir Hand an Hand mat der Europäescher Kommissioun a villen aneren Institutioune schaffen.

Als gréissten a gréngste multilaterale Kreditgeber hëllefe mir de Wirtschaften ze wuessen, Aarbechtsplazen ze schafen an d'Gläichberechtegung ze férderen. Mir moossen eis Aarbecht dorunner, wéi vill se der Gesellschaft hëlleft, well hannert all Investitioun e Liewe steet, dat doduerch besser gëtt.



Zu Rijeka a Kroatien mécht déi nei Klinik fir Mammen a Kanner 600 000 Leit d'Liewe méi einfach. Se gëtt duerch e Prêt vun der EIB ënnerstëtzt, zesumme mat Rotschléi vun der EIB an der Europäescher Kommissioun.

# Eisen Impakt 2019

| | |
|---|---|
| 280 Milliarden € | un Investitiounen, déi duerch EIB-Aktivitéiten ënnerstëtzt ginn |
| 72,2 Milliarden € | u Finanzement duerch d'EIB-Grupp |
| 1 095 | Projeten ënnerschriwwen |
| 50,3 Milliarden € | op den Obligatiounsmäert opbruecht |
| Iwwer 25 Milliarden € | u Finanzementer fir méi kleng Betriber |
| Iwwer 19 Milliarden € | fir Klimaaktiounen |
| Iwwer 16 Milliarden € | fir d'Ëmwelt ze schützen |
| Iwwer 14 Milliarden € | fir d'Innovatioun ze fërderen |
| 4,4 Milliounen | Aarbechtsplazen a klenge Betriber erhalen |
| 10 Millioune | Leit drénke méi sëchert Waasser |
| 12 Millioune | Leit profitéiere vu bessere Gesondheetsservicer |
| 7,4 Millioune | Stéit goufen un den Elektrizitéitsreseau ugeschloss |
| 117 Millioune | Leit krute besser Handysverbindungen |
| 631 Millioune | méi Deplacementer mam ëffentlechen Transport |
| 1,7 Millioune | Leit sinn engem méi klenge Risiko vun Iwwerschwemmungen ausgesat |
| 5,1 Millioune | $m^2$ un energieeffiziente Gebaier |



2019 produzéieren d'Projeten, déi vun der EIB ënnerstëtzt ginn 13 177 MW Energie, genuch fir 7,4 Millioune Stéit ze versuergen.

# Klima

D'Klima ass déi gréisst Erausfuerderung fir eis Generatioun. Et bestëmmt d'Wuelbefannen an d'Liewenserwaardung vun eise Kanner. Eis Klima- an Energieziler setzen nei Standarden an Europa an doriwwer eraus. An der noer Zukunft hale mir op, fossil Brennstoffer ze ënnerstëtzen a consacréiere 50% vun eisen Investitiounen un Aktioune fir d'Klima an d'Nohaltegkeet.

Mir hëllefen, d'Auswierkunge vum Klimawandel op vulnerabel Uertschaften ze bekämpfen, d'Biodiversitéit ze schützen an d'nohalteg Landwirtschaft ze férderen. Mir schützen och d'natierlech Ressourcen a maachen d'Ëmwelt méi sécher fir déi nächst Generatiounen. Mir denken un d'Klima bei allem, wat mir maachen. All Projet, dee mir fir d'Innovatioun, kleng Betriber oder d'Infrastruktur ënnerstëtzen, muss eis Klimaziler erfëllen.



Mat der Ënnerstëtzung vun der EIB bréngt d'estnesch Firma Elcogen effizient a propper Elektrizitéit op Basis vu Brennstoffzellen op de Massemaart.

# Innovatioun

Dank der Innovatioun bleift Europa kompetitiv an et ginn héichwäerteg Aarbechtsplaze geschaf. Den EIB-Grupp erlaabt et europäesche Betriber ultramodern Technologieën ze erfannen. Mir maachen aus innovativen Iddie wirtschaftlech Succèsen.

D'Bank ënnerstëtzt grouss ugeluecht Fuerschung an Entwécklung wéi och kleng, spezialiséiert Betriber. Eis Investitiounen a Secteure wéi den Telekommunikatiounen, der Fligerei, der Medezin an der Digitaliséierung signaliséieren eis Zoustëmmung an zéien zousätzlech Finanzementer aus dem Privatsecteur un.

Mir ënnerstëtze vill Etappe vun der Innovatioun. Dank der Bank hire Prête kënnen d'Universitéiten hir Fuerschungsinstallatiounen opbauen an ausbauen a Startups kënne méi Personal astellen an hiert Equipement verbesseren. Mir stimuléieren d'Iddien an de Käpp vun de Leit, déi aus der Welt eng besser Plaz fir ze liewe maachen.



An Italien ënnerstëtzt e Pionéierprojet tëschent der EIB an Unicredit honnerte vun innovative Betriber, déi vu Frae geleet ginn.

# Inclusioun

D'Bank proposéiert eng grouss Auswiel u Finanzproduiten zu gënschtege Konditiounen. Mir léinen dem ëffentleche Secteur an dem Privatsecteur Suen. Mir fërdere kleng Betriber a jonk Leit. Mir ënnerstëtze Fraen, déi e Betrib grënnen, andeems mir hinnen Zougang op Prêten a Patronsposte ginn. Mir erméiglechen et, dass déi, déi en nidderegt Akommes hunn, Selbstänneger a Microentreprisë Finanzéierungen a Geschäftsrotschléi kréien. Mir suergen dofir, dass keen zeréckgelooss gëtt.

D'EIB léint net méi wéi d'Halschent vun de Käschte fir e Projet. Sou agéiere mir als Katalysator, fir dass de Privatsecteur sech matabréngt an d'Investitioune fir d'Projete méi grouss ginn. Mir proposéieren och en technesche Bäistand, fir ze garantéieren, dass e Projet e Succès gëtt.



En Entwécklungsprojet vun der EIB am Lesotho an Afrika bréngt 300 000 Mënschen a villen Deeler vum Flaachland proppert Waasser a Sanitäranlagen.

# Nohaltegkeet

D'EIB bréngt Geld op, andeems se Obligatiounen op den internationale Kapitalmäert erausgëtt. Eisen exzellente Kreditrating bedeit, dass mir Fongen zu gudden Tauxen opbrénge kënnen. Mir ginn dës Virdeeler un d'Clientë weider.

Eis Kapitalmäertsexperten hunn de gréngen an nohaltegen Obligatiounsmaart an d'Liewe geruff an entwéckelt. Mir sinn elo de gréisste supranationalen Ubidder vu gréngen Obligatiounen. Dës Obligatiounen ënnerstëtzen d'erneierbar Energien, d'Energieeffizienz, proppert Waasser a sanitär Installatiounen. Mir suergen dofir, dass d'nohalteg Finanz fonctionnéiert.

# Engagement

Mir sinn transparent an iwwerhuelen d'Verantwortung fir all eis Aktivitéiten. Eis strikt Ëmwelt- a Sozialnorme maachen eis zu engem exzellente Partner. Mir hunn héich qualifizéiert, engagéiert an diversifizéiert Personal, dat aus Wirtschaftswësseschaftler, Ingenieuren, Finanzanalysten a Klimaspezialiste besteet, déi all Dag mat lokalen Experten, Institutiounen a Regierungen op der ganzer Welt zesummeschaffen.

Fir weider Informatiounen zu eisen Offeren,
gitt op **www.eib.org/products.**

**Europäesch Investitiounsbank**
info@eib.org
**www.eib.org**

European Investment Bank
The EU bank

#BelieveInSmall

D'EIB-Grupp besteet aus der Europäescher Investitiounsbank an dem Europäeschen Investitiounsfong (EIF).

D'EIB ass der Europäescher Unioun hir Bank. Se ass de gréisste multilaterale Kreditnehmer a Kreditgeber vun der Welt. D'EIB huet hire Sëtz zu Lëtzebuerg an huet en Netzwierk u lokalen a regionale Büroen an Europa an an der Welt.

Den EIF ënnerstëtzt kleng Betriber, andeems en hiren Zougang op Finanzementer an Europa an an enger Rei Länner ausserhalb vun Europa verbessert. Den EIF konzipéiert an entwéckelt Venture Capital a Wuesstumskapital, Garantien a Mikrofinanzinstrumenter fir d'Innovatioun an d'Beschäftegung ze förderen.

© Europäesch Investitiounsbank, 2020
Fotoen: GettyImages, Shutterstock

Op Condat Silk FSC Mix gedréckt.
D'EIB benotzt Pabeier, dee vum Forest Stewardship Council (FSC) certifiéiert ass. Well e vu Leit gemaach gëtt, déi frou mat Beem sinn.

Gedréckt vun Imprimerie Centrale

FSC www.fsc.org MIX Paper from responsible sources FSC® C103749

02/2020
print: QH-04-20-021-LB-C ISBN 978-92-861-4558-2 doi:10.2867/570111
pdf: QH-04-20-021-LB-N ISBN 978-92-861-4524-7 doi:10.2867/86286